Konveniat vun der 1re Moderne 1969 vum Fieldgen

Lëtzebuerg. Den éischte Samschdeg am Oktober ass fir d'1re Moderne 1969 vum Fieldgen ëmmer Konveniatszäit, an dat schonns säit 48 Joer. Dëst Joer huet d'Monette Ney-Kieffer organiséiert. Getraff gouf sech zu Remerschen am Chalet fir d'Mëttegiessen, duerno war eng Visite am Biodiversum ugesot an als Ofschloss sinn die „Sportlechst" vun den Dammen nach en Tuer ëm d'Weihere getrëppelt. Sou gung dee flotten Dag erëm vill ze vill séier eriwwer, mee de Rendez-Vous 2018 steet schonn fest: den 1. Samschdeg am Oktober. Organiséiert gëtt en déi Kéier vum Nicole Sinner-Speller. *Theisen Alois via mywort.lu*